

Lëtzebuerg, Dezember 2018

No Gespréicher mat Kandidaten a Kandidatinnen , Memberen, Militanten, Männer a Fraen, Journalisten asw.

Meng Reflexiounen betreffend d'Wahlanalys vum 14. Oktober 2018.

En Debriefing an eng approfondéiert parteiintern Analys no de Chamberwahlen ass absolut noutwendeg.

D'Wahlanalys vum Här Poirier (Uni.lu) an d'Analys vun eisem Kommunikatiounsberoder Marc Glesener a vun der Agence Bizart zesumme mat den Analysen vun de Bezierkscomitéen an den Ënnerorganisatiounen sinn och absolut noutwendeg.

Ugespéngelt Dokument „Strategie a Konzept“, fir d'Chamberwahlen 2018 vum 25. Juli 2017, datt ech am Summer 2017 erstallt hunn, an der Exekutiv virgeluecht hunn.

Marc Spautz

Bei de Gemengewahlen 2017 huet d'CSV dat bescht kommunalpolitescht Resultat agefuer, wat et jee ginn ass.

Duerno hu mir et net fäerdeg bruecht, déi Euphorie an déi Stëmmung ze behalen - vill an oft war d'Meenung, datt hu mir 2018 schonns gewonn.

Iwwer vill Militanten, iwwer d'Memberen an de Gremien bis zu verschiddene Mandatairen war d'CSV net genuch mobiliséiert.

Et ass eis net gelongen bekannt lokal CSV-Gesiichter, déi net Kandidat waren an de Wahlkampf an ze bannen.

E falscht Sécherheetsgefill och duerch d'Ëmfroen, déi permanent gesot hunn, datt d'Wahlen praktesch gelaf sinn an di eenzeg relevant Froe bei de Chamberwahlen ass, wien mat der d'CSV d'Koalitioun mécht (z.B. am Politmonitor vu Wort an RTL).

Den iwwerstéigerten Optimismus ass bekräftegt ginn duerch e Neijoerschpatt, Kongresser a Generalversammlungen Ufank 2018, wou d'Memberen ganz staark präsent waren a vill Zouversicht haten.

Dësen Optimismus hat e groussen Impakt op d'Ausrichtung vun der Wahlcampagne:

- Claude séchere Premier
- op Verhale vun eenzelen Kandidaten fir sécher Regierungsposten (a verschiddene Gemengen goufen am Summer schonns Schäfferéit nom Oktober decidéiert)
- huet ze Rivalitéiten op Posten gefouert, di nach net do waren an huet den Teamgeescht net gestäerkt
- den Inhalt vun eise Wahlprogramm , en oppenen Wahlprogramm, deen als Base geholl ka ginn fir all Koalitiouns/Regierungsprogramm; mee deem et un Häerz, un Ecker a Kanten feelt.

Wat mir net gesinn hunn, war eng vill méi zréckhalend Meenung an der Gesamtpopulatioun. Och, dass e groussen Prozentsaz vun de Wieler nach laang onentschloss war, hu mir ignoréiert.

E strategesche Feeler war et, den nationale Spëtzekandidat esou frei ze bestëmmen, am Oktober 2016, et war awer noutwendeg fir intern Rou an eis Reien ze kréien, ab dem Moment war alles op de Spëtzekandidat konzentréiert, an dat waren iwwert 2 Joer.

Hannert dem Spëtzekandidat ass nom Oktober 2016 kee richtegt politescht Kompetenzteam opgebaut ginn, wou d'Öffentlechkeet kloer gesinn hätt, wéi en CSV-Mandataire wat fir een thematesche Schwéierpunkt huet an deen Schwéierpunkt iwwert di ganz Zäit ëmmer erëm opwerft an zur Sprooch bréngt

Dat war di lescht fënnf Joer e grouse strukturelle Problem: Een Thema ass opgegraff ginn awer dono erëm fale gelooss ginn.

- 1) Et ass awer kee Kapp drop gesat ginn.
- 2) Dat Thema ass och ni iwwert eng länger Zäit gespillt ginn (Eintagsfliege).
- 3) Et ass net op de verschiddene Kanäl gespillt ginn, déi eng Partei huet (an der Chamber, an der Presse an de Gremien an Ënnerorganisatioune, an de Soziale Medien.

Fir dat awer bei de Leit e Message hänke bleift, muss en iwwert eng laang Zäit widderholl a mat engem Gesiicht identifizéiert ginn.

Och Net-Mandataire hätt ee kéinten heiranner abannen;

-hätt een ënnerstrach, dass d'CSV méi wéi nëmmen 23 Deputéiert, mee eng Vollekspartei ass;

-manner bekannte kompetent Gesiichter, mat Potenzial fir d'Lëscht, hätt een eng Plattform kéinte ginn;

-Persounen aus dem öffentliche Liewen (zB Wirtschaft, Gewerkschaft), bei deene kloer ass, dass se net op d'Lëscht kommen, hätte kéinte agebonne ginn (Zilgruppen abannen)

Doriwwer eraus, ass de Lëtzebuerger Wahlsystem net fir e Spëtzekandidatenwahlkampf predestiniéiert.

Egal wéi de nationale Spëtzekandidat kann ëmmer nëmmen an engem Bezierk direkt gewielt ginn.

Ir 2004 e massiven JCJ Wahlkampf gemaach ginn war, ass an enger Ëmfro festgestallt ginn , dass just JUNCKER a GOERENS eng national Ausstralung hätten, doropshin ass deemools eng massiv JCJ Campagne gemaach ginn, wat 2004 an 2009 Rekordresultater bruecht hat. D'Wieler hunn 2004 an 2009 d'CSV och an den dräi anere Bezierker mam JCJ identifizéiert: De Message war einfach an hat Succès: „Wann dir de JCJ wëllt, wíelt d'CSV“

Et war falsch, probéiert ze hunn, datt 2018 ze kopéieren.

De JCJ huet eis des Kéier esouwuel am Süden wei och national gefeelt, hien huet der CSV eng aner Ausstralung ginn iwwert all déi Joren ewech, an ënnert dem Stréch sinn mir haut erëm bei deenen Resultater ukomm, wou mir 1999 stoungen.

Et war sécherlech e strategeschen Feeler net en nationalen Optrëtt vum JCJ während der Walcampagne gemaach ze hunn. An et war e Feeler him net d'Wuert ze ginn op den grouse Parteiveranstaltungen (Konvent am Mäerz, Programmkongress am September...). Ëmsou méi de JCJ di ganz Zäit an de nationalen an internationale Medie war.

D'Exklusioun géint den ADR aus ze spriechen, och wa mir eis all eens waren, net mam ADR ze koaléieren, hätte mir misste besser analyséiere éier mir nobaussen gaangen sinn. (Hätte mir näischt gesot, wieren mir vun de Regierungsparteien attackéiert ginn)

Trennung vu Kierch a Staat, an Meenungsverschiddenheeten zweschent Bistum an SYFEL, respektiv de Katechetinnen a Katecheten, hunn eis och näischt bruecht. D'Leit esouwuel am Bistum wei och Laien haten sech vun der CSV eng kloer Ausso erwaart, ze der et net komm ass.

Negativ fir eis war och Distanz vum Lëtzebuerger Wort vis-à-vis der CSV, wat iwwert Joerzénge e Garant fir d'CSV war. Net nëmmen eng Distanz, d'Wort huet massiv d'Regierungsparteien ënnerstëtzt iwwert déi 5 Joer.

D'Wort huet och eng Rei CSV-Politiker systematesch ignoréiert oder an e schlecht Liicht gestallt. D'Impressioun ass ganz staark, datt et keng redaktionell Ligne gëtt, et bei verschiddene Journalisten à la tête du client ass.

Intern:

Mir waren iwwert déi 5 Joer einfach ze brav an ze fein, eis Oppositionspolitik huet a ville Beräicher net gegräff, jo war plazeweis net präsent.

A verschiddene Beräicher hu mir Kante gewisen, awer an aneren war eis Sprooch net kloer genuch a mir hu keng Alternativen opgewisen.

Debat iwwert de Wuesstem ass vun der CSV opgegräff ginn, Ufank 2016 (Kongress Esch) awer du net konsequent bäibehale ginn. Wei zweschent Schneider an Dieschbourg an der 1. Halschent 2018 de Sträit war iwwer d'Usiidelungspolitik vun de Betriber war d'CSV net präsent.

Och am Kommunikationsberäich waren mir an der Wahlcampagne awer och iwwert déi 5 Joer gekuckt net kloer an hefteg genuch

D'CSV huet laang Méint e Plang annoncéiert, de net komm ass, bis d'Leit et midd waren (oder carrément de Geck gemaach hunn).

Ze laang war schonn an der Press gesot/geschriwwe ginn, dass CSV kee Plang keng Alternativen huet, an déi Iddi hat sech bei de Leit befestegt.

Wou de Plang bis presentéiert gouf, huet sech dat fir d'Press bestätegt.

De Plang war ze vill oppen, ouni genuch konkret Alternativen an Iddien. D'Leit waren awer iergendwann nëmme nach Récepteur fir prägnant, konkret Punkten.

Et war ze komplizéiert, fir kloer Alternativen zu der Regierungspolitik aus dem „Plang fir Lëtzebuerg“ op eng einfach prägnant Manéier ze kommunizéieren.

Permanent ze soen „Mir hunn e Plang“ geet net duer. De Plang muss op enger konkreter politescher Offer stoen, déi iwwerzeegend presentéiert gëtt. E Slogan ersetzt kee Programm.

U sech ass zanter dem Konvent 2016 eng Erwaardungshaltung opgebaut ginn, déi bis zum Wahlsonndeg net ageléist ginn ass.

Iwwert d'Wahlcampagne u sech hu mir 2017 eis op e Konzept festgeluecht, wat sécher net dem Lëtzebuerger Wahlsystem entsprach huet.

Mir hunn net genuch d'Equipe gespillt an d'Stärkten vun deenen eenzelen Deputéiert an deenen eenzelen Kandidaten net genuch no vir bruecht.

Dat selwecht gelt, dat sech bal alles em den nationale Spëtzekandidat respektiv de regionale Spëtzekandidat gedréint huet. An der Zäitschrëft Forum ass eng kloer Duerstellung dozou.

Zwëschen dem Spëtzekandidat an der grousser Majoritéit vun den CSV-Kandidate war e Gap.

An der Campagne ware mir virun allem op Fester an den eegene CSV-Fester ënnerwee, amplaz als Ekipp bei aner Geleeënheete a Manifestatiounen (Sport /Kultur / NGO /asw) op ze trieden.

Mir hunn bei CSV noen Wielerschaften mat den Themen Pensiounen, Gemengefusiounen ganz kloer eng negativ Stëmmung géint d'CSV ervir geruff, déi net néideg war. Mir hunn et net fäerdeg bruecht, eis Themen optimistesches genuch ze vermëttelen.

Par contre huet d'CSV op vill politesch Initiative vun der Regierung net oder nëmme punktuell reagéiert (Steierreform, Gehälterreform). Mir hätten missten eis politesch Géigner un hir fréier Aussoen a Positiounen erënneren, fir op Diskrepanzen hin ze weisen, fir méi schnell op hier eegen Inkohärenzen hin ze weisen.

Keng Offer fir de Mëttelstand (den awer eng traditionell CSV-Wählergrupp) ass. Keng Propositionen, déi ervirstiechen géint de Klimawandel, fir den Ëmweltschutz wat ville Léit méi ënnert de Neel gebrannt huet ewéi eng mathematesch-akademesch Diskussioun iwwer Pensiounen.

Di Gréng haten hir Kärthemen: Mobilitéit, Ëmwelt. LSAP hat de Mindestloun an e Vizepremier de polariséiert huet, awer „klare Kante“ gewisen huet, DP hat Congé parental plus an Diskussioun iwwert d'Aarbechtszäit. D'CSV hat keen Thema, dat am Gudden oder am Schlechten mat hir associéiert ginn ass.

Eise Plang war ze oppen a gläichzäiteg komplex. Mir hunn et net fäerdeg bruecht eis Haaptthemen, ervir ze hiewen. Bei Sujeten wéi zum Beispill der Steierklass fir Witfraen/Witmänner oder dem TPS-généralisé, déi de Wieler emotional ugeschwat hunn, hu mir éischer de Wieler mat komplexe Berechnungen/Erklärungen beléiert, ewéi konkret interessant alternativ Iddien ze liwweren.

Idem hunn mir et net fäerdeg bruecht déi Jonk an nei Wieler ze errechen, och do musse mir zesummen mat eiser CSJ d'Virgoensweis hannerfroen. Mir hunn op di Jonk gewaart, wann di aner bei di Jonk gelaf sinn.

D'Lëtzebuerger mat auslännesche Originnen hunn sech net vun der CSV ugeschwat gefillt. Bei de Gemengewahlen konnte si sech op mannst nach mat den „Nei Lëtzebuerger Kandidaten op eise Lëschten identifizéieren, mee bei dese Wahlen hate mir (ausser d'Natalie Silva) keng esou Kandidaten op den Lëschten.

An de Soziale Medien si mer besonnesch de Gréngen, de Piraten awer och individuelle Politiker wei dem Xavier Bettel an Etienne Schneider nogelaf.

D'Excuse, eis d'CSV-Leit géifen generell manner liken a sharen, kann e net permanent bäibehalen. Eisen Optritt war technesch OK awer vum Contenu fad, „keine Ecken und Kanten“

Eis Affichen hate net „Erëmerkennungswäert“ a sinn eleischt op den zweete Bléck mat der CSV associéiert ginn.

D'CSV huet sech net genuch beméit, fir d'Wieler ze kréien, déi Bréifwahl maachen.

Der Overture, déi dozou gefouert huet, datt vill méi Leit d'Bréifwahl gemaach hunn, ass net Rechnung gedroe ginn. En Depliant mat den „techneschen“ Informatiounen geet net duer, mee et brauch schonns bei der Bréifwahl en Argumentaire firwat d'CSV an dat muss da parallel an de Soziale Medien, an den CSV-Publikatiounen widderholl ginn.

Et ass wichteg sech net eleng vu Gefiller bei enger Wahlanalys leeden ze loossen a Käpp auszewiesselen, esoubal d'Wahlanalys vun der Uni.lu virleit, muss en sech am Detail domadder beschäftegen, an di richteg Entscheedungen huelen fir di kommend Echeancen.